

duerchbléck!

Lëtzebuergesch
Versioun

Politik verstoen Nr. 3



Ween ass Lëtzebuerg?

Version
DE & FR
www.zpb.lu

Edition 2024

Den Demokratie Labo


Die interaktive, selbstgeführte
und mehrsprachige Ausstellung
über Demokratie und Gesellschaft

FREIHEIT

VORURTEIL

GERECHTIGKEIT

UNGLEICHHEIT



Entdecke das DemokratieLabo
www.demokratielabo.lu

POLITIK LÉIEREN

- 4 Rollespill: Zesummeliewen zu Lëtzebuerg
- 8 *All Lëtzebuenger si räich* – E Positionéierungsspill géint Virurteeler a Klischeeën
- 12 Wie sinn ech? Ween ass Lëtzebuerg?
- 14 Villfalt vun de Sproochen
- 16 *Code-Switching*: Meng Sproochen am Alldag
- 17 Migratioun zu Lëtzebuerg
- 18 Vum Auswanderungs- zum Awanderungsland
- 20 Friemefeindlechkeet am Alldag?

- 22 Impressum


Rollespill: Zesummeliewen zu Lëtzebuerg

Theemeberäicher	Zesummeliewen, Sproochendiversitéit, Migratioun, Integratioun
Kompetenzen	Kommunikatiouns- an Urteelskompetenz
Dauer	2 x 50 Min.
Methoden	ugeleet Simulatiounsspill, Perspektivewiessel, Diskussioun
Material	1 x Kontextkaart, 6 Rollekaarte pro Grupp, 4 Diskussiounskaarten
Léierzil	Op Basis vu gängige Stereotype sollen d'Schüler*innen aktuell gesellschaftsrelevant Froe kontrovers diskutéieren. Dobäi gëtt däitlech, datt ee jee no Liewenssituatioun ënnerschiddlech Meenunge kann hunn.

Oflaf

D'Lëtzebuenger Gesellschaft ass heteroogen. Dat weist sech a ganz ënnerschiddleche Situatiounen zu Lëtzebuerg, zum Beispill bei enger Faart mam Tram op de Kierchbierg, wärend där ee verschidde Sproochen héiert.

1. Féiert d'Schüler*inne fir d'éischt an d'Theema an. D'Biografien, déi hei skizzéiert goufen, si fiktiv. Se si bewosst op eng iwwerspëtz Aart a Weis formuléiert a stelle keng real Persounen duer.
2. Deelt dono d'Klass a Gruppe vu 6 Schüler*innen an a verdeelt d'Rollekaarten. Op all Dësch läit e Stapel mat de verdeckten Diskussiounskaarten.
3. D'Schüler*innen huele sech elo e puer Minutten Zäit, fir hir Rollekaarte ze liesen a sech an d'Roll, déi dorop beschriwwen ass, eranzeversetzen.
4. Elo gëtt déi éischt vun de véier Diskussiounskaarten opgedeckt. Op all Kaart steet eng Fro. Déi Jugendlech wiessele sech beim Ëmdréie vun der Kaart an dem Virliese vun de Froen of. D'Schüler*innen diskutéieren d'Fro, déi virgelies gouf, aus der Perspektiv, déi hirer Roll entsprécht. Wa jidderee sech geäussert huet, gëtt déi nächst Kaart opgedeckt. D'Diskussioun dauert am Ganzen ongeféier 40 Minutten.
5. Am Plenum: Frot fir d'éischt, wéi d'Rollespill an den eenzele Gruppen ofgelaf ass. Wou gouf et Schwieregkeeten oder Mëssverständnisse? Furdert dono d'Schüler*innen op, perséinlech zu deene verschidde Froe Stellung ze huelen.
6. Auswärtung: Den Enseignant oder d'Enseignante hält déi wichtegst Punkten zu de Froe schrëftlech ënner dem Titel „Eng Fro, ënnerschiddlech Meenungen“ fest.



Opstellung vun den Dësch

Hiweis: An engem Rollespill gëtt et kee „Richtig“ oder „Falsch“. Et geet dorëm, aner Positiounen ewéi déi eege kennen ze léieren, Argumenter ze formuléieren a Meenungsverschiddenheeten auszehalen. Dëst kann och hefteg Reaktiounen erviruffen. All Participant*e sollt sech bewosst sinn, datt et sech ëm e Spill handelt.

Am Plenum kënnen deemno wéi Aussoen, mat deenen net jiddereen averstanen ass, analyséiert ginn. Prinzipiell gëllt:

Zu Lëtzebuerg herrscht Meenungsfräiheet, esoulaang et sech net ëm Beleidegungen oder Diffamatioun handelt.

© Felix Weis



Kontextkaart

Dir sidd sechs Persoune mat ganz ënnerschiddleche Biografien a Liewenssituatiounen. Dir setzt zoufälleg stonnelaang am Tram um Kierchbiert fest, well en eng Pann huet an d'Diere blockéiert sinn.

Op Basis vun iwwerspëtzte fiktive Biografien a Liewenssituatioune sollt dir elo Froen zum Zesummeliewen zu Lëtzebuerg opgräifen an aus de jeeweilige Perspektiven eraus kontrovers diskutéieren.

Diskussiounskaart

Zu Lëtzebuerg wunne ronn 670 000 Leit mat 180 verschiddenen Nationalitéiten. Ronn 48 % sinn Net-Lëtzebuurger*innen, d. h. se duerfen net un de Chamberwale deelhuele. Se duerfen awer un de Gemengewale an als EU-Bierger*innen un den Europawale deelhuele. Bei de Gemengewale 2023 waren 19,8 % vun de berechtigten Ausländer*innen ageschriwwen.

—
Walrecht fir Jiddereen?

Diskussiounskaart

Lëtzebuerg ass offiziell dräisproocheg. Zu Letzebuerg schwätzen 48,9 % vun den Awunner*inne Lëtzebuergesch als Haatsprooch. 15,4 % vun de Leit, dei hei liewen, schwätze Portugisesch als Haatsprooch, 14,9 % Franséisch an 3,6 % Däitsch.

—
Ass d'Beherrsche vun der Lëtzebuurger Sprooch wichteg fir d'Zesummeliewen zu Lëtzebuerg?

Diskussiounskaart

Zu Lëtzebuerg ginn d'Schüler*innen op Däitsch alphabetiséiert. Franséisch gëtt ab dem 2. Schouljoer ënnerriicht, Englesch ab dem zweete Joer Lycée. Am Kader vu Pilotprojete gëtt d'Alphabetiséierung op franséisch an ëffentleche Schoule getest.

—
Soll all Kand tëschent der Alphabetiséierung op Däitsch a Franséisch kënnen wäelen?

Diskussiounskaart

D'Méiglechkeeten, fir d'Fräizäit vu Kanner a Jugendlechen ze gestalten, si villfälteg: Sportveräiner, Kulturveräiner (Musek, Theater, Fotografie asw.), Jugendfräizäitveräiner (Scouten, Club des jeunes asw.) fräiwëlleg Pompjeeën, politesch Veräiner, reliés orientéiert Veräiner a spezifesche Interesseveräiner (Mënscherechter, Ëmwelt, Déieren asw.).

—
Dréit d'Veräinsliewen zur Integratioun vun auslännesche Matbierger*inne bäi?

Rollekaart A



Numm: Albert Nelson
Alter: 39
Hierkonft: Liverpool, England
Nationalitéit: Britt
Bezéiungsstatus: net bestuet
Wunnuert: Gonnereng, Lëtzebuerg
Liewenssituatioun: Den Albert wunnt zanter 5 Joer zu Lëtzebuerg. E schafft bei engem grouse Berodungscabinet, dréit vill Verantwortung a verdéngt gutt. Een Deel vu senger Fräizäit verbréngt en an englesche Pubben. Säi privat a beruflecht Ëmfeld ass gréisstendeels engleschsproocheg. E spillt ee Mol d'Woch Fussball mat sengen Aarbechskolleegen a -kolleeginnen. En huet wëlles, dei Lëtzebuurger Nationalitéit unzefroen, well e vun der Liewensqualitéit zu Lëtzebuerg iwverzeegt ass (Sozialversécherung, Gesondheitswiesen, kulturell Offer, internationale Flair).
Statement: „Ech liewe ganz gutt hei zu Letzebuerg, ouni eng vun den dräi Landessproche wierklech ze beherrschen.“

Rollekaart B



Numm: Brice Hoffmann
Alter: 27
Hierkonft: Weller, Frankräich
Nationalitéit: Fransous
Bezéiungsstatus: net bestuet, Papp vun engem klengen Kand
Wunnuert: Weller, Frankräich
Liewenssituatioun: Trotz engem ofgeschlossene Grafikstudium sicht de Brice zanter 18 Méint eng Plaz, ouni Succès. E steet ënner finanziellem Drock, well en de Kredit fir säi Studium rembourséieren an Ënnerhalt bezuele muss. Als Serveur zu Lëtzebuerg kënnt e mat engem Mindestloun vun ongeféier 2.500 € de Mount relativ gutt iwver d'Ronnen. E sëtzt all Dag op d'mannst 2 Stonnen am Auto.
Statement: „A Frankräich kann ech gënschteg wunnen an zu Lëtzebuerg verdéngen ech méi.“

Rollekaart C



Numm: Marta Figueiras
Alter: 23
Hierkonft: Esch-Uelzecht, Lëtzebuerg
Nationalitéit: Lëtzebuurgerin a Portugisin, duebel Nationalitéit
Bezéiungsstatus: net bestuet
Wunnuert: Diddeleng, Lëtzebuerg
Liewenssituatioun: Duechter vu portugiseschen Awanderer, an der zweeter Generatioun. De Papp huet um Bau geschafft, d'Mamm als Botzfra a verschiddene Stéit. D'Marta war ëmmer eng gutt Schülerin an huet en Ofschloss am *Lycee classique*. Seng Elteren hunn d'Bildung ganz fréi ewéi eng Chance ugesinn an hir Duechter ëmmer geféiert. Hatt schafft haut als Juristin beim Staat.
Statement: „Ech wënsche mir méi e gerechte Schoulsystem, an deem Ausländer*innen net benodeelegt ginn.“

Rollekaart D



Numm: Josephine Wolff
Alter: 35
Hierkonft: Hollerech, Lëtzebuerg
Nationalitéit: Lëtzebuurgerin
Bezéiungsstatus: gepacst
Wunnuert: Rollengergronn, Lëtzebuerg
Liewenssituatioun: D'Josephine leeft mat hirem Partner an zwee weideren Architekten, engem Kolumbianer an engem Holläner, an enger Wunnegemeinschaft. Zesumme bedreiwe si en erfollegräichen Architektbüro. Si verdéngt ganz gutt a kann no hire ganz eegene Virstellung liewen. Si reest vill, interesséiert sech fir friem Kulturen a genéisst hiert Liewen
Statement: „Ech gesi mech als eng Weltbiergerin a manner ewéi eng Lëtzebuurgerin.“

Rollekaart E



Numm: Karin Schmitt

Alter: 39

Hierkonft: Kondsref, Lëtzebuerg

Nationalitéit: Lëtzebuergerin

Bezéiungsstatus: gescheet, 3 Kanner

Wunnuert: Beefort, Lëtzebuerg

Liewenssituatioun: D'Karin lieft zanter véier Joer als elengerzéiend Mamm vun dräi Kanner an enger 3- Zëmmer-Wunneng zu Beefort.

Si schafft net, well se eegenen Aussoen no dofir keng Zäit huet. Hir Kanner iesse mëttes an der Maison relais a ginn och no der Schoul do betreit.

D'Flüchtlingskanner, déi och do betreit ginn, sinn hir en Dar am A.

Statement: „Als elengerzéiend Lëtzebuerg Mamm fuerderen ech méi Ënnerstëtzung vum Staat a méi eng streng Flüchtlingspolitik.“

Rollekaart F



Numm: Roberto Constantini

Alter: 65

Hierkonft: Pescara, Italie

Nationalitéit: Lëtzebuerg

Bezéiungsstatus: Wittmann, 2 erwuesse Jongen

Wunnuert: Diddeleng, Lëtzebuerg

Liewenssituatioun: De Roberto lieft eleng an engem Reienhaus zu Diddeleng. En ass Rentner an iergert sech iwwer déi feelend Integratiounsbereitschaft vun den „neie“ Migranten. Als Member vum lokale Futtballveräin engagéiert e sech éierenamtlech an hëlleft all Woch um Gedrénsstand. Seng zwee Filssen hu laang an deem Sportsveräin gespillt. Dat huet dem Roberto erlaabt, vill Kontakter zu auslänneschen, mee och lëtzebuergesche Veräinsmemberen ze knëppen

Statement: „Ech fannen et traureg, datt Migranten et haut dacks net méi fir néideg halen, sech an déi lëtzebuergesch Gesellschaft ze integréieren.“

Rollekaart G



Numm: Pierre Wirtz

Alter: 80

Hierkonft: Clierf, Lëtzebuerg

Nationalitéit: Lëtzebuerg

Bezéiungsstatus: bestuet

Wunnuert: Clierf, Lëtzebuerg

Liewenssituatioun: De Pierre huet vu Klengem un an engem lëtzebuergesche Bauerenhaus gelieft, dat en als Erwuessene mat vill Léift renovéiert huet. E leet vill Wäert drop, datt säin Haus den ursprénglechen Duerfcharakter zeréckspigelt. E wuunt zanter iwwer 60 Joer hei a wonnert sech iwwer déi gesellschaftlech Verännerungen aus de leschte Joerzénkten.

Statement: „Virun allem al Leit ewéi ech, déi hiert ganzt Liewe gréisstendeels ënner Lëtzebuerg gelieft hunn, di sech schwéier mat der staarker Awanderung vun de leschte 40 Joer. Ech huun heiansdo d'Gefill, an enger friemer Welt ze liewen, an där d'Lëtzebuergesch Geschicht an Traditiounen ëmmer méi verschwannen.“

All Lëtzebuerger si räich – E Positionéierungsspill géint Virurteeler a Klischeeën

Theemeberäicher	Toleranz, Rassismus, Virurteeler, Mobbing
Kompetenzen	Kommunikatiouns- an Urteelskompetenz
Dauer	2 x 50 Min.
Methoden	Positionéierungsspill, Diskussioun, Argumentatiounstraining, Faktencheck (no enger Iddi vun: Gesicht zeigen! „Weiße können nicht rappen“. Das Positionierungsspiel gegen Vorurteile und Klischees, 2017, Beltz)
Ressourcen	Kopieervirlagen: 6 Theesen, 6 Faktenchecks, 8 Positiounskarte fir auszeschneiden. D'Positiounskarte sollte vergréissert ginn.
Léierzil	Stellung huelen zu de Virurteeler a Klischeeën.
Oflaf	<ol style="list-style-type: none"> 1. D'Positiounskarte ginn am Krees op de Buedem geluecht. D'Schüler*inne stelle sech ronderëm d'Positiounskarten op. 2. Den Enseignant oder d'Enseignante liest eng Thees haart vir, z. B. „All Lëtzebuerger si räich“. 3. D'Schüler*inne stelle sech elo bei d'Positiounskart, déi hirer Meenung no am beschten zur Thees passt. 4. Déi jeeweileg Positioune ginn dono begrënnt an diskutéiert. 5. Jiddereen däerf am Laf vun der Diskussioun seng Positioun änneren, wann aner Argumenter méi iwwerzeegend sinn. 6. De Faktencheck déngt dem Enseignant oder der Enseignante dozou, d'Diskussioun virunzedreiwien an/oder zum Schluss e mëndleche Resumé ze maachen.



Rassismus: Iddi, datt Mënsche mat bestëmmte biologeschen Eegenschaften anere vun Natur aus iwwer- oder ënnerleeë solle sinn.

Klischee: (fr. Cliché = Schabloun) eng festgefuer a veraalt Virstellung, déi sech op Situatiounen a Persoune(gruppen) uwende léisst.

Virurteel: eng positiv oder negativ Meenung, déi ouni eegen Erfahrung oder Iwwerpräiwung einfach ouni Kritik iwwerholl gëtt. Se ass ëmmer bewäertend a berout op Stereotypen.

Diskriminéierung: eng ongerechtfergt Benodeelegung vun eenzele Persounen oder Gruppen, jee no Hierkonft, Hautfaarf, Relioun, sexueller Orientéierung, Gesondheetszoustand asw.

T h e e s

All Lëtzebuenger si räich.



All Lëtzebuenger si räich. Lëtzebuerg steet oft fir Wuelstand an en héije Liewensstandard. Lëtzebuerg huet dat héchst Pro-Kapp-Akommes op der Welt. D'Pro-Kapp-Akommes ass d'Wirtschaftskraaft vun engem Land gedeelt duerch d'Bevölkerungszuel. Zu Lëtzebuerg gi ronn 230.000 Grenzgänger*innen, déi zum Wuelstand bäidroen, hei net berücksichtegt.

20 % vun der Lëtzebuenger Bevëlkerung si vun Aarmut bedrot. 8.277 Persounen decken 2023 hir Besoinen, wat Basisiesswueren ugeet, iwwer d'Epicerie-socialen. Mee d'Donkelziffer vun de Leit am Besoin kéint laut Caritas méi héich leien.

Quell: statista.de (9.11.2021); Statec 2023

Méiglech Positioun: „Blöde Klischee!“, „Wat e Blödsinn!“

D'Ausländer huelen eis d'Aarbechtsplazen ewech. Allgemeng ass de Géigendeel de Fall. D'Immigratioun féiert zu Produktiounshaussen (méi Konsument*innen, méi Produktioun) an zur Schafung vun Arbechtsplazen. 2018 goufen zu Lëtzebuerg 18.887 nei Arbechtsplaze geschaaft. Zu Lëtzebuerg stame Betribsgrënner*innen, déi nei Arbechtsplaze fir jidderee schafen, an de meeschte Fäll aus dem Ausland. D'Lëtzebuenger*inne maache ronn 1/4 vun aktiven Employéen an Employéeën zu Lëtzebuerg aus. 3/4 vun den Arbechtsplaze si vun Ausländer*innen a Grenzgänger*innen aus Däitschland, Frankräich an der Belsch besat. Se bedeelege sech aktiv um Räichtum vum Land. All Betrib sicht sech d'Mataarbechter*innen aus, déi iwwer déi gefrot Qualifikatioune verfügen. D'Diplomer vun de Migranten a Migrantinne mussen fir d'éischt offiziell unerkannt ginn. Dat kann oft komplizéiert sinn. Ausserdeem mussen auslännesch Arbechtskräften déi komplex Sproochesituatioun zu Lëtzebuerg meeschteren, fir um lëtzebuergeschen Arbechtsmaart Fouss ze faassen.

Quellen: Adem, 2018; Alter&Ego a.s.b.l., 2017; STATEC, 2023

Méiglech Positioun: „Blöde Virurteel!“, „Wat e Blödsinn!“

T h e e s

D'Ausländer huelen eis d'Aarbechtsplazen ewech

D'Portugise schaffen um Bau. Insgesamt betruecht hunn d'Portugisen a Portugisinnen heefeg méi niddreg formal Bildungssofschlëss ewéi d'Gesamtbevëlkerung. Bei de portugisesche Matbierger*innen gëtt eng Expansioun vun der Bildung beobacht. Allerdéngs hu 40 % vun de Portugisen a Portugisinnen an der Altersklass vu 25 bis 34 Joer ëmmer nach en nidderege Schoulofschloss (3 Joer am Secondaire a manner), géigeniwwer 12 % an der selwechter Altersklass an der Gesamtbevëlkerung. Männlech Awanderer aus Portugal ginn ëmmer nach prioritär an der Baubranche agestellt, wougéint der zweeter Generatioun méttlerweil all d'Beruffsweeër oppestinn.

Quell: STATEC Labour force survey 2022

Méiglech Positioun: „Komesch, awer ok!“

T h e e s

D'Portugise schaffen um Bau.

Thees

Déi Schwaarz sinn déi besser Sportler.

Déi Schwaarz sinn déi besser Sportler. Dat ass eng rassistesch Ausso. Rassismus deelt Leit opgrond vun den Äusserleechkeiten (Hautfaarf) an a schreift hinne bestëmmt onverännerlech verierlech Charakteristiken zou.

Sportlech Leeschtung gëtt hei als eng Eegenschaft, déi „am Blut“ läit, also verierlech ass, ugesinn. Et ass wëssenschaftlech bewisen, datt esou Fäegkeeten net verierlech sinn – se hunn hiren Ursprung villméi an der individueller Sozialisatioun a Begabung. An dësem Fall geet et zwar ëm e positiivt Virurdeel, mee dat mécht d'Ausso awer net méi zouverlässeg.

Quell: Gesicht zeigen! „Weiße können nicht rappen“. Das Positionierungsspiel gegen Vorurteile und Klischees, 2017, Beltz.

Méiglech Positioun: „Iwwelst rassistesch!“, „Richtig diskriminéierend!“



Am Schoulhaff soll nëmme Lëtzebuergesch geschwat ginn.

Iwwer Sproochekenntnisser vum Awanderungsland ze verfüegen, ass e wichtegt Element am Integratiounsprozess. Sprooch als Kommunikatiounsmëttel ass onbedéngt noutwendeg fir d'Participatioun um gesellschaftleche Liewen. Et kann ee Kanner allerdéngs de Gebrauch vun enger Sprooch am Schoulhaff net opzwéngen. Zu Lëtzebuerg herrscht offiziell Dräisproochegkeet zanter 1984. D'Lëtzebuergesch fungéiert zanterhier als Nationalsprooch. Franséisch ass d'Gesetzessprooch. Däitsch, Franséisch a Lëtzebuergesch gëllen als Amtssproochen. D'Entwécklung vun der Sproochesituatioun ass enk mat der geschichtlecher an ekonomescher Entwécklung vum Land verbonnen.

Consultéiert och: <http://www.cefis.lu/resources/RED14.pdf> (07.05.2018)

Méiglech Positioun: „Richtig diskriminéierend!“

Thees

Am Schoulhaff soll nëmme Lëtzebuergesch geschwat ginn

Terroriste sinn all Moslemen. Esou eng Ausso ass Onsënn. Terroristen an Terroristinnen si Leit, déi Terror an Angscht verbreedden. Se maachen Attacken, bei deenen dacks vill Leit ëm d'Liewe kommen. Se wëlle sech mat Gewalt géint de Staat duerchsetzen an anere Leit weisen, datt se mächtig sinn an och hire Wëllen duerchsetze kënnen. Meeschtens behaupten Terrorgruppen, datt se aus politeschen oder reliéise Grënn handeln. Si selwer gesi sech oft als Befreiungskämpfer*innen (z. B. den Islamesche Staat, IS). An de leschte Joerzénge gouf et an Europa an an den USA Attacke vu radikalen Islamisten, z. B. den 11. September 2001 zu New York an zu Washington oder den 13. November 2015 zu Paräis an zu London am Joer 2017. Eleng an Däitschland gouf et 2017 am Ganzen 1.054 Gewaltdoten (z. B. Doutschlag, Kierperverletzung, Brandstëftung asw.) an 18.413 Strofdoten (z. B. Beschiedegung u Saachen, Contrainde/Menace, Opruff zu Gewalt asw.) mat rietsextremisteschem motivéiertem Hannergrond.

Quell: Gesicht zeigen! „Weiße können nicht rappen“. Das Positionierungsspiel gegen Vorurteile und Klischees, 2017, Beltz und Bundesamt für Verfassungsschutz, 2017

Méiglech Positioun: „Dëckt Virurdeel!“

Thees

Terroriste sinn all Moslemen.

***Komesch,
awer ok!***

***Déckt
Virurteel!***

***Richtig
diskriminéierend!***

Stëmmt!

***Iwwelst
rassistesch!***

***Blöde
Klischee!***


***Wat e
Blödsinn!***

Richtig!

Wie sinn ech? Ween ass Lëtzebuerg?

Phas 1: Stell e Mindmap vun denger Identitéit op: „Dat sinn ech“.


- Follgend Froen hëllef dir dobäi:
Vu wou stamen ech?
Wat ass fir mech wichteg?
Wat begeeschtert mech?



- Diskutier uschléissend an der Klass, wat d'Identitéit vun enger Persoun ausmécht, wouduerch ee sech ënnerscheet, resp., wat ee verbënnt.
- Fannt gëeegent Iwwerbegrëffer. Huet beispillsweis ee „Lëtzebuurger*in“ oder „Italieener*in“ geschriwwen, gëtt un der Tafel d'Stéchwuert „Nationalitéit“ oder „Hierkonft“ festgehalen.
- Falen dir nach aner gemeinsam Eegenschaften zum Thema Identitéit an?

Phas 2: Stell e Mindmap zesummen zum Thema: „Dat ass Lëtzebuerg fir mech“

- Wat mécht Lëtzebuerg aus?
- Wat fir ee Selbstverständnis huet et?



➤ Beschwätzt dei eenzel Eegenschaften an uerdent se verschidde Uewerbegreffer zou, z. B. Geografie, Zesummeliewen, Klischeen asw. Uecht drop, keng Virurteeler opzeschreiwen. Gëtt et Eegenschaften, dei s du ofleens oder op dei s du besonnesche Wäert lees? Firwat?

Rappel:
Klischee (fr. cliché = Schablun): eng festgefuer a veraalt Virstellung, déi sech op Situatiounen a Persounen oder Gruppen uwend léisst
Virurteel: eng positiv oder negativ Meenung, déi ouni eegen Erfahrung oder Iwwerpréiwung einfach ouni Kritik iwweholl gëtt. Se ass ëmmer bewäertend a berout op Stereotypen

Phas 3: Setzt iech zum Ofschluss mat folgende Froen auserneen:

- Gëtt et iwwehapt eng national Identitéit?
- Wéi entsteet se?
- Wat fir eng Roll spillen dobäi z. B. de Staat, d'Geschicht, d'Ekonomie, politesch Stréimungen a Krisen?

Villfalt vun de Sproochen

- Wou gi laut Gesetz (R1) wat fir eng Sproochen am Lëtzebuerger Alldag gebraucht?
- Lies de Bréif vun der Schülerin un hir Léierin (R2). Wourop sicht si eng Äntwert? Sollt denger Meenung no Lëtzebuergesch méi als Schoulfach um Stonneplang stoen? Wat géing dofir schwätzen, wat géing dogéint schwätzen?
- Lies den Zeitungsartikel (R3). Beschreif, wéi den Auteur de Stellwäert vun der Lëtzebuerger Sprooch gesäit.
- Kuck dir d'Statistiken zum Sproochegebrauch vun den Awunner*innen op der Aarbechtsplaz (R4-R5) un. A wat fir engen Aarbechtsberäicher gi wat fir eng Sprooche geschwat? Wat fir eng Sprooch ass um Lëtzebuerger Aarbechtsmaart déi wichtegst?
- Tausch dech mat denge Matschüler*innen iwwer Code-Switching (Sproochewiessel) aus. Wou an dengem Alldag schwätzt du wat fir eng Sproochen? A wat fir enge Situatioune wiessels du vun enger Sprooch op déi aner?
- Maach däi Video: Stell mathëllef vun der Dokumentatioun en explikative Video zum Thema „Sproochesituatioun zu Lëtzebuerg“ zesummen. Presentéier däi Resultat an der Klass.

R1

Gesetz vum 24. Februar 1984 iwwer de Sproocheregime

Art. 1^{er}. La langue nationale des Luxembourgeois est le luxembourgeois.

Art. 2. Les actes législatifs et leurs règlements d'exécution sont rédigés en français. Lorsque les actes législatifs et réglementaires sont accompagnés d'une traduction, seul le texte français fait foi. [...]

Art. 3. En matière administrative, [...] et en matière judiciaire, il peut être fait usage des langues française, allemande ou luxembourgeoise, [...].

Art. 4. Lorsqu'une requête [administrative] est rédigée en luxembourgeois, en français ou en allemand, l'administration doit se servir, dans la mesure du possible, pour sa réponse de la langue choisie par le requérant.

Quell: legilux.public.lu (07.05.2018)

R2

Bréif vun enger Schülerin un hir Léierin

Bonjour,

Je m'appelle Nadja Becirovic. J'ai 15 ans et je suis serbe du Kosovo. J'habite au Luxembourg depuis septembre 2011.

Je vous écris pour vous poser une question qui semble être simple, mais je n'ai jamais eu aucune réponse exacte. Je l'ai posée à plusieurs profs, à mes parents, à mes voisins, à mon avocat, à différents médecins, mais personne d'eux n'a pu me donner une explication.

Pourquoi est-ce que les élèves au Luxembourg n'apprennent-ils pas le luxembourgeois? Si on avait habité en France, j'aurais compris, mais non, nous habitons au Luxembourg. Je suis dans une classe francophone technique et je parle un petit peu de luxembourgeois. (Même les classes modulaires apprennent le luxembourgeois).

J'espère que je ne suis pas la seule qui se pose cette question et que vous allez un peu réfléchir à la remarque que je vous ai faite. Merci!

Veuillez agréer, Madame, l'expression de mes sentiments distingués.

Cordialement,

N.B.

Quell: Originaltext vun enger Schülerin vun enger franséischsproocheger Neuvième, 2017. Numm geännert.

R3

Auszuch aus engem Artikel zum
Gebrauch vum Lëtzebuergesch

(...) De Regéierenden d'Schold dofir ginn,
(...) datt net all d'Ausländer Lëtzebuergesch
schwätze wëllen, ass ze einfach.
Sproochecoursë sinn z. B. gutt besicht. Zwar
léieren ettlech Migranten nëmmen esou vill
Lëtzebuergesch ewéi néideg, fir d'Nationalitéit
ze kréien. Se wäerten d'Sprooch kaum
regelméisseg benotzen. Et gëtt awer och
Leit, déi mat Begeeschterung léieren, mee
frustréiert feststellen, datt déi meescht
Lëtzebuurger guer net d'Gedold hunn, hire
Versich op „Lëtzebuergesch“ nozelauschteren.
Fir hinnen entgéintzekomme „switchen“ mir
dann direkt op eng aner Sprooch.

Quell: Claude Molinaro, Dezember 2023: Editorial:
Das Luxemburgische ist noch lange nicht tot.
www.tageblatt.lu (iwwersat, leschten Zougrëff: 23.01.2024)

R4

Sproochen, déi op der Aarbecht
geschwat ginn

Sprooch	Heefegkeet	Prozentsaz
Lëtzebuergesch	292.025	61,2 %
Franséisch	242.534	50,8 %
Englesch	122.467	25,7 %
Däitsch	107.115	22,5 %
Portugisesch	94.340	19,8 %
Italieenesch	27.501	5,8 %
aner Sproochen	85.796	18 %
Total	971.778	

STATEC – RP 2021, iwwersat

R5

Aarbechtssproochen no Branchen (a %) fir Awunner*innen

	Lëtzebuergesch	Franséisch	Däitsch	Portugisesch	Englesch
Landwirtschaft	84,3 %	28,4 %	24,4 %	5,1 %	7,5 %
Veraarbechtungsindustrie	53,6 %	75,3 %	35,5 %	19,6 %	32,3 %
Bausecteur	28,6 %	78,7 %	20,7 %	54,2 %	10,1 %
Handel, Transport, Gastronomie	52,2 %	77,1 %	31,1 %	20,8 %	30,7 %
Informatioun a Kommunikatioun	40,5 %	66,9 %	25,5 %	5,8 %	70,3 %
Finanzen an Assurancen	31,9 %	65,8 %	23,3 %	4,8 %	73,9 %
Grondstéckswiesen a Logement	54,8 %	82,9 %	31,9 %	14,5 %	40,6 %
Wëssenschaftlech an technesch Déngschtleeschungen	29,0 %	71,2 %	23,9 %	14,0 %	58,1 %
Ëffentlech Verwaltungen	86,7 %	63,5 %	36,8 %	9,1 %	27,0 %
Aner Déngschtleeschungen	24,7 %	71,9 %	20,8 %	10,2 %	59,2 %

STATEC - RP 2021

Note: le tableau porte sur 209 068 personnes ayant indiqué le secteur NACE et la langue parlée au travail.

Code-Switching: Meng Sproochen am Alldag

- Analyséier de follgende Scheema R1. Wat fir eng Sprooche schwätzt du zu wat fir enger Dageszäit? Ergänzt.
- Tausch dech mat denge Matschüler*innen iwwe Code-Switching aus. Wou an dengem Alldag schwätzt du wat fir eng Sproochen? A wat fir enge Situatioune wiessels du vun enger Sprooch an déi aner?
- Wéi vill Sprooche schwätzen d'Matschüler*innen an denger Klass? Maacht eng Enquête an der Klass an notéiert d'Resultater an enger Tabell (R2). Gëtt et eng Kommunikatiounssprooch, déi jidderee beherrscht?
- Expertenopgaw: Sicht um Internet Informatiounen zur Sproochesituatioun an dem Schoulsystem zu Singapur an zu Lëtzebuerg. Wat fir eng Ënnerscheeder a Gemeinsamkeete gëtt et? Wat sinn d'Vir- an Nodeeler vun enger gemeinsamer Kommunikatiounssprooch?

R1

Mäin Dagesoflaf

7:00 Auer: Moiesiesse mat den Elteren

7:30 Auer: Um Schoulwee

21:00 Auer: Beim Dreemen

8:00 Auer: An der Schoul

19:00 Auer: Beim Familjentreffen

10:00 Auer: An der Paus

17:00 Auer: Beim Akafen

12:00 Auer: Beim Mëttegiessen
doheim / an der Maison relais

15:00 Auer: Beim Sport, an der Musekschoul,
beim Reliounsunterricht, beim Hobby

R2


E Land, eng Klass, vill Sproochen

Sprooch	Lëtzebuergesch	Franséisch	Däitsch	Portugisesch	Arabesch
Unzuel vun de Sprächer*innen an der Klass	_____	_____	_____	_____	_____	_____	_____

Migratioun zu Lëtzebuerg

R1

Bevëlkerung mat Migratiounshannergrond



STATEC – RP 2021, iwwersat

Gesamtbevëlkerungszuel 2021: 643.941 Awunner*innen.
D'Volkszählung gëtt am 10-Joresrhythmus duerchgefëhrt.
Méi aktuell Zuele leien also eréischt 2031 vir.


➔ Laut Statistik si Leit ouni Migratiounshannergrond Lëtzebuurger*innen, déi zu Lëtzebuerg gebuer sinn an deenen hir zwee Elterendeeler och zu Lëtzebuerg gebuer sinn.

E Migratiounshannergrond ergëtt sech duerch:

- Nationalitéit
- Gebuertsuert
- Gebuertsuert vun den Elteren

R2

D'Zesummesetzung vun der Lëtzebuurger Bevëlkerung no geografescher Hierkonft (a %), 2023



STATEC, 2023, iwwersat

- Liest d'Informatiounen a kuckt iech d'Statistik R1 un. Beschreift d'Zesummesetzung vum Bevëlkerungsundeel mat Migratiounshannergrond. Wie gehéiert zu dësem Deel vun der Bevëlkerung? Wien net?
- Iwwerpréift unhand vun R1, wou dir iech selwer, är Elteren a Grousselteren an dëser Statistik zeréckfannt. Vergläicht dono d'Resultater an der Klass. Gitt och op déi eventuell Push- a Pull-Facturen an ärer eegener Migratiounsgeschicht an.
- Wäert d'Grafik R2 aus a beschreift unhand vun den Donnéeën déi aktuell Zesummesetzung vun der Bevëlkerung zu Lëtzebuerg.
- Expertenopgab: Verfaasst en informativen, kuerzen Zeitungsartikel mam Titel „Awanderungsland Lëtzebuerg“, dee mat Fakten hannerluecht ass (Kuckt och hei am Heft: *Vum Auswanderungs- zum Awanderungsland*).

Vum Auswanderungs- zum Awanderungsland

R1

Migratioun am Iwwerbléck: vunn der Emigratiouns- zur Immigratiounsgesellschaft

Tëscht 1875 an 1910:

Den Ausländerundeel verfënfacht sech vun 3 op 15 %. Déi éischt italieenesch Immigratioun fänkt un, d'Migrante komme gréisstendeels ouni Famill.

1900

Bis den Éischte Weltkrich (1914-1918):

Vill Lëtzebuurger*innen emigréieren an Nordamerika, Brasilien an Argentinien. Anerer ginn a Frankräich, fir do als Handwerker oder, wéi vill jonk Meedercher, als Déngschtmeedchen oder Gouvernante ze schaffen. D'Zuel vun de Lëtzebuurger*innen, déi tëscht 1841 an 1891 d'Land verlooss hunn, gëtt op 72.000 geschat, woubäi d'Gesamtbevölkerung am Joer 1891 212.800 Awunner*innen zielt.

Éischt Hallschent vum

20. Joerhonnert: Wirtschaftskrisen an déi zwee Weltkriecher (1914-1918; 1940-1945) féieren zu zäitweilige Réckgäng vun der auslännescher Bevëlkerung.

No 1945: Lëtzebuerg, dat deels zerstiéert gouf, brauch auslännesch Aarbechtskräften, fir nees kënnen opgebaut ze ginn. Déi zweet italieenesch Immigratiounswell fänkt un.

1839: Entsteung vum Grand-Duché mat den haitege Grenzen, aarmt Agrarland

Ab der Mëtt vum 19. Jh.: Etabléierung vun der Eisen- a Stolindustrie am Süde vum Land; Zouwanderung vu Fachpersonal aus Däitschland a vun niddreg qualifizierten italieeneschen Aarbechter.

© Ville de Dudelange, Fonds Jean-Pierre Conrardy; Landarbeiter 1943



↑ Fabrikaarbechter, 1903



← Bauer, Éiter, 1943

© Photothèque de la Ville de Luxembourg 1943

© Musée rural et artisanal Peppange a.s.b.l.; Ankunft portugiesischer Arbeiter in Luxemburg, 1958, Pol Aschman



↑ Arrivée vu portugieschen Aarbechter zu Lëtzebuerg, 1958

- Lies d'Chronologie R1 iwwer d'Migratioun zu Lëtzebuerg opmierksam duerch. Markéier d'Zäitabschnitter, déi Lëtzebuerg als Auswanderungsland kennzeechen, giel an déi, déi Lëtzebuerg als Awanderungsland kennzeechen, gréng. Iwwerschnitt sech do eppes?
- Identifizéier dono d'Push-Facturen, déi Lëtzebuurger*innen dozou beweegt hunn, d'Land ze verloossen an d'Pull-Facturen, déi Leit dozou beweegen, op Lëtzebuerg auszewandern. Wat stells de fest?



← **Italieenesche saisonalen Aarbechter, 1958**
 © Photothèque de la Ville de Luxembourg;

Enn vun den 1980er-Joren: Héichqualifizéiert Fachpersonal, dat a Betriber aus dem Finanz oder Assurancësecteur eng Ustellung fënnt, zitt op Lëtzebuerg. De Finanzsecteur gëtt zum Motor vum Wirtschaftswuesstem a kann de Verloscht vun Aarbechtsplazen duerch d'Enn vun der Schwéierindustrie am Süde vum Land kompenséieren. D'Hierkonftslänner vun dese Migrant*inne sinn haaptsächlech d'Nopeschstaaten: d'Belsch, Däitschland a Frankräich. Virun allem a manner gutt bezuelte Branchen, ewéi d'Hotellerie an d'Restauratioun, sinn Aarbechtskräfte aus Frankräich staark vertrueden.

Ab 1960: Ufank vun der portugisescher Immigratioun. Portugal bleift bis 1976 eng Diktatur. Am Kader vun der portugisescher Immigratioun kommen och vill Kapverdianer*innen op Lëtzebuerg. De Cap Vert ass bis 1975 eng portugisesch Kolonie. Vill Kapverdianer*innen emigréieren dofir ab den 30er-Joren a Portugal.

1993: Schafung vum Bannemaart an domat vum fräie Persounen-, Wueren-, Déngschtleschtungs- a Kapitalverkéier an der Europäescher Unioun.



Migratioun bedeit, dass eng Persoun hire Liewensmëttelpunkt raimlech verleet. International Migratioun fënnt iwwer Staatsgrenzen ewech statt.

Emigratioun (Auswanderung) bedeit, dass eng Persoun aus deem Land, aus deem se staamt, ewechzitt. Se kann d'Land fräiwëlleg oder gezwonge verloossen. D'Emigratioun ka politesch, reliéis oder wirtschaftlech Grënn hunn. En Emigrant oder eng Emigrantin ass eng Persoun, déi auswandert.

Immigratioun (Awanderung) bedeit, dass Leit, déi hiert Land verloossen, also déi auswandern, och Awanderer oder Awanderinne sinn. Immigranten an Immigrantinne wandern an en neit Land an.



1972: En Ofkommen fir Aarbechtskräften unzezéie vun der Lëtzebuenger Regierung mat Portugal a Jugoslawien trëtt a Kraaft, fir dem Mangel un Aarbechtskräften am Secteur vun der Economie, déi boomt, ze begéinen. Déi nächst Jore maachen onqualifizéiert Aarbechtskräften aus Portugal de Groussdeel vun den Awanderer aus. Se huelen hir Familien op Lëtzebuerg a fannen haaptsächlech Aarbecht a Secteuren, déi vu Lëtzebuenger*innen ëmmer méi gemidd ginn. D'Männer schaffen haaptsächlech am Bausecteur, d'Fraen z. B. als Botzfra oder Haushaltshëllef.

1980: D'Ausländerquot läit bei ronn 25 %.

1975: Am Kader vum Vietnamkrich, dee vun 1955 bis 1975 dauert, loosse sech am Ganzen 283 Vietnameesen a Vietnameesinnen zu Lëtzebuerg nidder.


2000: D'Ausländerquot läit bei 37 %.

1990: D'Ausländerquot läit bei ronn 30 %.

Am Ufank vun den 1990er-Joren erlieft Lëtzebuerg eng éischt Zouwanderung vu Flüchtlingen aus de Krichsgebitter vu Jugoslawien, dat zerfällt. Wéinst dem Kosovokrich erreechen d'Zuele vun de Flüchtlingen am Joer 1999 dann en zweeten Héichpunkt, mat knapp 3.000 Asylmanden.


2022: Opgrond vum russeschen Ugrëffskrich loosse sech 4.268 geflücht Ukrainer*innen zu Lëtzebuerg nidder.

Tëschent 2005 an 2024: Den Undeel vun der Bevëlkerung mat net lëtzebuergescher Nationalitéit steigt vu 40 op ronn 48 %. Trotz Finanz- a Wirtschaftskris (2008), Covid-Pandemie an Energiekris bitt Lëtzebuerg relativ gutt Jobperspektiven an zitt domat Salariéen a Salariéëen un. Den Aarbechtsmaart ass vun 2015 op 2022 ëm ronn 100.000 Aarbechtskräfte gewuess.



Push- a Pull-Facteure fir Migratioun: Facteuren, déi ofstoussen (Aarmut, Krich, Verfolgung asw.) an unzéien (Sécherheet, Besoin un Aarbechtskräften, Familien asw.)

Kierchberg, 2024 →



Source: iStock, fuchs-photography

Friemefeindlechkeet am Alldag?

- Lies follgend Aussoen (R1). Wat denks du? Entscheet spontan, ob et sech dobäi jeeeweils ëm Rassismus, Friemefeindlechkeet, Stereotypen, Klischeeën an/oder Virurteeler handelt.
- Iwwerpräif elo d'Aussoen unhand vun den Definitiounen.

R1

Aussoen am Alldag

Eng Schülerin erzielt e Witz iwwer Chinesen.

Op enger Internetsäit iwwer Videospiller behaupt e Participant Follgendes, wat Lëtzebuerg ugeet:

« Ce pays est rempli de clochards. 30 % des Luxembourgeois sont des immigrés (Portugais, Serbes, Albanais). A part l'alcool et les clopes tout est cher. La moitié parle français comme je parle le finlandais. Pays inintéressant, il n'y a rien à faire, il fait moche tout le temps. Le comble c'est que tous les Luxos sont arrogants, détestent les Français parce qu'ils essaient de se rassurer en se disant que leur 'pays' est supérieur, [...] »

Quell: jeuxvideo.com (07.05.2018)

Am Kader vun engem Fotoreportage iwwer d'Päischtcroisière 2018 ass an engem Kommentar ze liesen:

Déi Päischtcroisière ass keng gutt Reklamm fir Lëtzebuerg, déi behuelen sech schlimmer wéi d'Engländer um Ballermann.

Quell: rtl.lu (28.05.2018)

Zum Thema „Heescheverbuet“ ass an der Kommentarfunktioun vun engem Artikel an der Press ze liesen:

(...) Besonnesch aarmséileg ass, datt elo Polizisten d'Drecksaarbecht mussen maachen an Entscheedunge vu kalhärzegen, muechtgäilen, onfäege Politiker ëmsetze mussen, déi sech zum Zil gesat hunn, déi Aarm amplaz vun der Aarmut ze bekämpfen. (...)

Quell: tageblatt.lu (15.01.2024)

Am Kader vun engem Artikel iwwer Leit, déi vum REVIS-Gesetz (Akommes vun der sozialer Inklusioun) betraff sinn a geflücht sinn, schreift en Utilisateur an de Kommentaren zu dësem Bäitrag:

An ech sinn opbruecht, datt ee lëtzebuenger Awunner, dee jorelaang am Land geschafft huet, jorelaang Steiere bezuelt a Verdéngschter fir d'Land huet, deeselwechte Revis kritt, wéi een, deen op eemol einfach esou do steet, an nach ni eppes mam Land ze dinn hat, keng Meritter fir d'Land huet, a warscheinlech och ni kritt.

Quell: rtl.lu (28.05.2018)



Friemefeindlechkeet/Xenophobie: negativ, feindlech Astellung allem Friemen an alle Frieme géigeniwwer.

Rassismus: Iddi, datt Mënsche mat bestëmmte biologeschen Eegenschaften anere vun Natur aus iwwer- oder ënnerleeë solle sinn.

Klischee: (fr. cliché = Schabloun) festgefuer a veraalt Virstellung, déi sech op Situatiounen a Persoune(gruppen) uwendet léisst.

Stereotyp: (gr. stereos = steif; typos = Muster) Leit gi bestëmmt Verhalensweisen an Eegenschaften zougeschwat, déi se vun anere Leit ofgrenzen; an „Tiräng“ denken, Etikettéierung.

Virurteel: eng positiv oder negativ Meenung, déi ouni eegen Erfahrung oder Iwwerpräiwung einfach ouni Kritik iwwerholl gëtt. Se ass ëmmer bewäertend a berout op Stereotypen.

Zwou Säite vun enger Medail

Rassismus am Sport

Rassismus fënnt een och am sportlechen Ëmfeld. D'Ausso vun enger 30-järeger Mamm, déi sech am Amateursport engagéiert an aus dem subsaharesche Raum staamt, beleet dat.

„Mäi Fils spillt gutt Fussball. En ass Kapitän a senger Ekipp. Ech kucken em beim Spillen no an héieren, wéi d'Lëtzebuenger froen: „Firwat ass dee Schwaarze Kapitän?“ Den Trainer äntwert: „Mir verginn d'Aarmbind net opgrond vun der Nationalitéit. Wann een e gudde Spiller an e gudden Teamleader ass, verdéngt een d'Kapitänbind.“ Se si wëll ginn a wéi mäi Fils de Ball krut, hu si en insultéiert! Fir mech net opzereegen an net reagéieren ze mussen, sinn ech am Hannergrond bliwwen an hu mengem Fils beim Spillen nogekuckt. (...) Et sinn d'Elteren, déi duerch hiert Verhalen an hir Wierder de Rassismus an d'Stadien an ënner d'Spiller bréngen.“ (...)

Quell: Madalena Queiros, „Sale Portugais, retourne dans ton pays“: des victimes de racisme au Luxembourg témoignent, 8.12.2023, Virgule.lu, iwwersat

Rassismus huet keng Faarf

„Et muss een d'Ënnerscheidung tëschent Lëtzebuenger an Ausländer vermeiden. Se ass ganz schiedlech, well se op verschiddenen Niveaue siichtbar gëtt. Am Fussball zum Beispill ass e schwaarze Spiller als Af vernannt ginn. Dat war bei enger portugiseschsproocheger Ekipp an déi aner Ekipp war aus dem Gebitt vum fréiere Jugoslawien (...) wéi mir dat gemellt hunn, krute mer gesot: „Dat ware keng Lëtzebuenger, déi dat gemaach hunn.“ Mir hu geäntwert, datt dat eis egal ass an datt dat net d'Thema ass. Mir mussen d'Saache zesummen änneren, déi ganz Gesellschaft an esouguer d'Nokomme vun afrikaneschen Awanderer, well jiddereen ass an der Lag, rassistesch an diskriminéierend Doten ze begoen.“ (Association de défense des publics racisés)

Quell: Le racisme et les discriminations ethno-raciales au Luxembourg, “<https://liser.elsevierpure.com/fr/publications/le-racisme-et-les-discriminationsethnoraciales-aux-luxembourg-rap>” Le rapport de l'étude par le LISER et le CEFIS, Luxembourg 2022, éd. Familljeministère, S. 165, iwwersat

Boris Kühn: Integreatioun an Zesummeliewen zu Lëtzebuerg 2015 (Auszug)

(...) Déi offiziell Politik verfolgegt zanter e puer Joerzénge en „ausländerfrëndleche Staatsmotto“ a betount reegelméisseg de Bäitrag vun de Migranten zum Wuelstand vum Land. An Ëmfroen ass d'Zoustëmmung vun der Awanderung vergläichsweis grouss an oppe Konflikter oder esouguer Gewalt géint Ausländer sinn absolut Ausnamen. Am Parlament ass keng rietsextrem Partei vertrueden. Dat si virum Hannergrond vun der massiver Awanderung vun de leschte Jorzénge bemierkenswäert Tatsaachen. Se dierften awer a ganz grousem Mooss mam Wuelstand vu Lëtzebuerg zesummenhänken: Ausländer sinn ni als Konkurrenz ëm knapp Aarbechtsplaze wouergeholl ginn, mee als komplementare Facteur um Aarbechtsmaart, dee stänneg wiisst. Genau esou gëtt bis elo déi relativ kulturell Proximitéit vun de majoritär europäeschen Awanderer als Erklärung fir d'Ausbleiwe vu gréissere Konflikter an d'Feld geféiert. (...)


Source: Creative Commons by-nc-nd/3.0 / auteur: Boris Kühn für bpb.de

- Lies d'Texter aus der R2. Markéier an den Texter d'Aussoen iwwer Rassismus a Friemefeindlechkeet zu Lëtzebuerg. Wat fir eng ënnerschiddlech Positione ginn an den Texter vertrueden? Wat fir eng Gemeinsamkeete gëtt et?
- Awéiwäit geléngt denger Meenung no d'Zesummeliewe vu Leit ënnerschiddlechster Hierkonft zu Lëtzebuerg? Wou bass du vläicht schonn emol mat Friemefeindlechkeet a Kontakt komm? Wéi hues du dorop reagéiert? Beschreif d'Situatioun. Wou fonctionéiert d'Zesummeliewe besonnesch gutt?
- Maach eng Recherche an de Medien. Sich e Bäitrag zum Zesummeliewen zu Lëtzebuerg. Wéi gëtt dëst Thema duergestallt? Vu wou a vu wem staamt den Artikel? Wat fir eng Ausso gëtt duerch dëse Bäitrag gemaach?





Wëlls du méi zum Thema Rassismus zu Lëtzebuerg gewuer ginn? Kuck mol eran!

<https://science.lu/de/gesellschaft/wie-verbreitet-ist-rassismus-luxembourg>



All d'duerchblécker op ee Bléck!

Download op dëser Homepage:
<https://zpb.lu/duerchbleck>



duerchbléck!



Impressum

1. Oplo vun der lëtzebuergescher Editioun
 Lëtzebuerg 2024

Éditeur:

Zentrum fir politesch Bildung,
 Fondation d'utilité publique, RCSL G236
 138, Boulevard de la Pétrusse
 L-2330 Luxembourg

info@zpb.lu

www.zpb.lu

Redaktiounsteam:

Véronique Krettels, Michelle Schram, Daniel Weyler,
 Marnie Ecker, Steve Hoegener, Marie-Paule Eyschen

Iwwersetzung:

Nadia Taouil

Layout an Design:

Bakform

Copyrights:

Text an Illustratiounen si rechtlech geschützt. Den Text
 ka fir den Unterrecht a Schoulen gratis vervillfältegt ginn.

Stand vun de Statistiken a Links: August 2024.

Den ZpB assuméiert keng Responsabilitéit
 fir de Contenu vun Internetsäiten, op déi verwise gëtt.

